ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Februar 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Banneminister an d'Madame Minister fir d'Groussregioun weiderzeleeden.

Den 12. September 2018 huet d'Gemeng Déifferdeng decidéiert e „*Compromis de vente avec la SCI des Carrières pour l'acquisition de plusieurs parcelles d'une superficie totale de 65,93 ha situées sur le territoire de la commune de Saulnes* " unzehuelen, woubäi Saulnes eng Gemeng op franséischem Territoire ass. Et schéngt esou ze sinn, datt dës Acquisitioun gemaach gouf, fir do eng geplangten „Décharge inerte" ze verhënneren.

An dësem Zesummenhang wéilt ech e puer Froen un d'Regierung stellen:

1. Ass eng Gemeng obligéiert, ier si Terrainen am Ausland keeft, d'Erlaabnes vun der Regierung ze hunn oder d'Regierung op d'mannst ze informéieren?
2. Ass no der Lëtzebuerger Gesetzeslag eng Gemeng iwwerhaapt autoriséiert fir Terrainen am Ausland ze kafen?
3. Ass de virsätzlechen Agréff duerch eng Lëtzebuerger Gemeng an ekonomesch Projeten an enger auslännescher Nopeschregioun net eng Fro, déi misst an engem bilaterale Kader oder am Kontext vun der Groussregioun am Virfeld diskutéiert ginn? Am konkrete Fall: Gouf et am Virfeld Gespréicher mat franséischen Autoritéiten oder hu franséisch Autoritéiten no dësem Kaf Observatioune bei der Regierung zu dëser Transaktioun gemaach?
4. Ass d'Regierung der Meenung, datt esou Aktioune wéi déi uewe genannte vun der Gemeng Déifferdeng zu de gudde Relatiounen tëschent Lëtzebuerg a sengen Nopeschstaaten bäidroen?
5. Gesäit si eventuell an esou enger Aktioun en Agréff an déi souverän Rechter vun engem Nopeschstaat, z.B. fir Decisiounen iwwer seng ekonomesch Entwécklung selwer an ouni auslännesch Amëschung kënnen ze huelen?

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

6. Wéi géing d'Regierung reagéieren, wann auslännesch Staaten oder territorial Ënnerentitéite vun esou engem auslännesche Staat géingen zu Lëtzebuerg grouss Terraine kafen, fir op déi Manéier d'Verwierklechung vun engem ekonomesche Projet, z.B. aus ideologeschen, ekologeschen oder Konkurrenzgrënn, ze verhënneren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten